



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture  
et du Développement rural

**Äntwert vum Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung op d'parlamentaresch Fro  
n° 7405 vun der éierewärter Deputéiert Martine Hansen**

**Ass de Här Minister bereet, fir d'Setzgromperen op d'Lëscht vun de Kulturen anzeschreiwen, déi  
2023 am Kader vun den europäesche Mesuren op Brooche kënnen ugebaut ginn, fir  
d'Liewensmëttelversuergung ze sécheren, dat mam Zil, dat mer net och nach an dësem Beräich  
weider ofhängeg ginn, a wuelwëssend, datt och Setzgromperen zu Nahrungszwecker genotzt kënnen  
ginn?**

Effektiv ass et am Kontext vun der Kris an der Ukrain méiglech, datt fir d'Kulturjoer 2022 - 2023 Fläche  
mat Ubau vun Akerkulturen aus der Liewensmëttelproduktioun bei der Verpflichtung fir 4% vun net  
produktive Flächen ob Akerland mat ugerechent kënnen ginn.

Well d'Setzgromperen am Prinzip eng Virstuf vun der direkter Liewensmëttelproduktioun sinn an net  
direkt fir d'Consumatioun geduecht sinn, ass et deemno net virgesi fir dës Flächen an dëser zäitlech  
begrenzter Ausnam mat ze berécksiichtegen.

Weider Detailer fënnt een um Landwirtschaftsportal ënnert:

[https://agriculture.public.lu/de/actualites/2022/januar-2022/neuerungen-erweiterte-  
konditionalitaet-antragsjahr-2023-ukraine-krieg.html](https://agriculture.public.lu/de/actualites/2022/januar-2022/neuerungen-erweiterte-konditionalitaet-antragsjahr-2023-ukraine-krieg.html)

Lëtzebuerg, de 19. Januar 2023

De Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung

(s.) Claude Haagen